

## Pressemitteilung vun den ADR-Fraen

### Zum Thema geléinte Mammen

Am Regierungsoofkommess tëschent CSV an DP stinn eng ganz Rei vu bioethesch ganz bedenkliche Propositionen. Dozou gehéiert och d'Problematik vun de geléinte Mammen, also déi esou genannte "GPA" (gestation pour autrui/Leihmutterchaft). Enner anerem seet de Koalitiounsaccord, dass *"Les enfants issus (...) d'une gestation pour autrui (GPA) pratiquée (...) à l'étranger seront reconnus au Luxembourg. La reconnaissance de ces enfants sera possible par les deux partenaires du couple."*

D'ADR-Fraen stellen och fest, dass eng Rei vu Medien ëmmer nees probéieren eng positiv Stëmmung fir d'GPA an der Populatioun ze schafen, andeem si esou genannte "Reeboufamilljen" exklusiv positiv duerstellen an d'Problemer déi mat enger GPA verbonne sinn net ernimmen oder bewusst miniméieren.

D'ADR-Fraen ënnersträichen dogéint hir Oppositioun zu der GPA. Déi Praxis huet eng ganz Rei vu gravéierende Konsequenzen esouwuel fir dat betrafte Kand ewéi och fir déi geléinte Mamm.

D'GPA hält engem Kand déi Verbindung wech, déi et mat senger Mamm kann an der Schwangerschaft opbauen. Haut besteet keen Zweiwel méi dorun, dass an där Zäit *in utero* e Kand eng extrem wichteg emotional Verbindung zu senger Mamm opbaut.

Op där anerer Säit heescht et fir déi Mamm déi d'Kand op d'Welt bréngt all emotional Verbindung zum Kand ze ënnerdrécke fir dass d'Trennung bei der Gebuert net ze vill wéi deet. Déi Mamme kréien normalerweis d'Kand direkt no der Gebuert ewech geholl, ouni dass si et kënne gesinn oder an den Arm huelen.

D'GPA mécht d'Kand zu enger Saach iwwer déi e Kontrakt ofgeschloss gëtt. De Mënsch gëtt kommerzialiséiert an de Vertrag iwwer eng GPA ass eréischt mat der "Liwwerung" vum Kand erfëllt. Dobäi gëtt et natierlech och Risiken a Konflikter, ewéi z.B. wann déi geléinte Mamm d'Kand awer net wëll hierginn oder wann déi Leit déi d'Kand bestallt hunn et op eemol net méi wëllen, sief et wëll si sech getrennt hunn oder hire Kannerwonsch opginn hunn oder och well d'Kand behënnert ass.

Eng GPA spléckt och de Begrëff vun der "Mamm" a verschidde Rollen op, wat et fir d'Kand schwierig mécht seng Ofstamung ("Filiatioun") kënne nozevollzéien. Haut gëtt ënnerscheet tëschent där Mamm déi hir Eezell zur Verfügung stellt, där Mamm déi d'Kand ausdréit an där "sozialer" Mamm déi d'Absicht huet dat Kand ze erzéien. Tëschent deene Kategorien a Rolle kënne et Recouperementer ginn – dat muss awer net de Fall sinn.

Dozou muss och nach gesot ginn, dass d'GPA e Commerce ass den enorm Profitmarge bitt an dowéinst och dacks op eng ganz brutal Manéier duerchgefëiert gëtt. Eng GPA kascht dacks zéngtausenden vun Euro. A verschidde Länner gëtt vu "Farme" geschwat op denen déi Frae musse liewen déi als geléinte Mammen déngen. A westleche Länner gëtt, fir Resistenz geéint déi Praxis ze miniméieren, dacks gesot et géing eng "Indemnitéit" un déi geléinte Mamm bezuelt ginn a kee Präis fir e Kand bezuelt ginn. An der Praxis kënnt dat awer

praktesch op dat selwecht eraus. D'ADR-Frae begréissen et, datt um internationale Plang eng Tendenz festzestellen ass fir d'GPA ze verurteilen a si ze verbidden. Dozou gehéiert z.B. och déi rezent "Erklärung vu Casablanca".

D'GPA ass eng Praxis déi och aus feministescher Siicht muss zeréck gewise ginn. Eng Fra ass net do fir zu enger "Gebärmaschinn" fir aner Leit degradéiert ze ginn. D'GPA ass eng Kommerzialiséierung vum Kierper vun der Fra an dem och dat Kand datt si dréit a Matleidenschaft gezu gëtt. Eng Rei vu feministeschen a Mënscherechts-Organisatiounen hunn z.B. déi Europäesch Kommissioun an dat Europäesch Parlament gebieden e Verbrieche vun der "reproduktiver Exploitatioun" vun de Fraen anzeféieren an zwar als Form vu Gewalt géint d'Fraen a Mënschenhandel.

Am Fall wou et eng homosexuell Koppel ass, déi d'Kand bestellt muss dat Kand dann ouni Fra/Mamm opwuessen. D'ADR-Fraen sinn iwwerzeegt, datt d'Roll vun enger Mamm net ka vun engem zweete Papp iwwerholl ginn, genee esou mann ewéi d'Roll vun engem Papp ka vun enger zweeter Fra iwwerholl gi wann d'Kand duerch eng PMA mat "tiers donneur" op d'Welt kënnt. Weder Papp nach Mamm sinn an hirer Spezifizitéit iwwerflësseg oder austauschbar. E Kand brauch a senger Entwécklung idealerweis déi zwee Rollebillen, dat weiblecht an dat männlecht, fir seng eegen Identitéit kënnen ze formen.

D'ADR-Fraë verweisen op all déi wichteg Etüden an Dokumenter déi an dëser Fro scho geschriwwe goufen, ewéi z.B. vum franséische Senat a villen aneren Instanzen. Si warne virun all Versuch d'GPA direkt oder indirekt ze legaliséieren, well eng ganz Rei Froen ethesch a legal net kënnen zefriddestellend geléist ginn.

D'GPA ass en zivilisatoresche Broch wëll iwwer de Wee vun enger finanzieller Transaktioun e Recht op e Kand ageféiert gëtt. Fir d'ADR-Fraen gëllen dogéint d'Rechter vum Kand, esou wéi si ënner anerem an der Kannerrechtskonventioun stinn.

Matgedeelt, de 6. Dezember 2023